



# Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.

52, rue Pierre Hamer L- 4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24

E-mail: flq@pt.lu - Website: [www.flq.lu](http://www.flq.lu)

Fondée en 1961 - Affilié au C.O.S.L. - Affilié à la F.I.Q.- WTBA - WNBA - EBFU - NBN

Petingen, den 5.März 2019

Léif Bowlingspiller a Spillerinnen,

No enger Nofro beim COSL krute mir matgedeelt, dass LBF net als Federatioun unerkannt kënnt ginn. Domadder sti mir elo alleguerte virun enger Dilemmasituatioun.

Mir vun der FLQ goufen nämlech och doriwwer informéiert, dass domadder u sech kee Bowlingspiller méi un internationale Vergläicher deelhuele kann, well se jo da kengem unerkannten Daachverband méi ugehéieren.

Dobäi hunn mer jo och énnert anerem di Petitioun gesinn, dass de Bowling soll olympesch ginn, ma énnert den aktuelle Begebenheete wier Lëtzebuerg ausgeschloss. Dëst as natierlech a guer kengem sengem Interessen.

Mir vun der FLQ si bereet et Spiller ze erméiglechen un den internationale Kompetitiounen deelzehuelen, andeems mer och mat lech kucke géifen en offiziellt Championnat op d'Been ze setzen an lech esou di Méglechkeete géife ginn sech ze qualifizéieren. Mir wëssen natierlech, dass dat net einfach ass, well een vun de LBF Verantwortlechen eis an engem Bréif iwwert en Affekot matgedeelt huet, dass en enger FLQ keng Pistë géif zur Verfügung stellen. Di Leidtragend sinn am Endeffekt d'Spiller di drun gehénnert ginn hiren Hobby ganz ausüben ze kennan an sech net mat den internationale Kollege moosse kennan.

Mir wëllen lech awer allegueren di Méglechkeet ginn. Duerfir géife mer lech bieden, lech bei eis ze mellen, dass mer kennan en Termin fir eng Entrevue mat den interesséierte Clibb a Spiller zesumme festleeën. Dir kennt da gären eng Mail un flq@pt.lu schécken, a mir géifen herno eng Sammelmail maachen. Mir wiere ganz frou wann der eis bis den 22.03.2019 des Mail kënnt zoukomme loassen. Mir wellen eis Verantwortung, di mer laut eise Statuten an och laut dem COSL hun droen, well mir wölle kee schikanéieren, mee am géigesäitege Respekt eppes Konstruktives ugoen. Zugläich wiere mer natierlech och frou, wann di falsch Rumeuren an Énnerstellungen di e puer Leit gemaach hunn, énnert anerem iwwert de Medium Lëtzebuerg Privat, kinnten ee fir allemol berichtegt ginn an och aus der Welt geschaf ginn, fir dass eng gemeinsam Basis do ass.

Mir hoffen also vun lech ze héiere fir dem Bowling di Valeur ze ginn di em zousteeet an dass en och weiderhi geférdert get, och en vue vun dir Petitioun mat den olympesch Spiller, di elo leeft. Och do si mer bereet eis Verantwortung vis-à-vis vum COSL ze droen, wann dat op internationale Plang wierklech soll richteg diskutéiert ginn. Mir verbleiwen duerfir am Respekt an hoffen, dass mer d'nächst Joer endlech erém unerkannt Championnat spille kennan an net eng Kompetitioun énnert engem Interesseverän, deen u sech néirens unerkannt ka ginn.

Mat de beschte Gréiss

ANDRE Sacha

Heures d'ouverture du secrétariat:

Les lundis, mercredis et vendredis de 14.00 à 18.00 heures.

Les mardis et jeudis de 09.00 à 11.30 heures ( facultatives )